LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1956 vun den honorabelen Deputéierte Francine Closener a Ben Polidori**

**Ad 1) - 3)**

Mäi Ministère huet mat Bléck op d'*Analyse du Parcours scolaire des élèves à l'aide d'indicateurs* vum Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire jee no Indicateur a Recommandatioun ënnerschiddlech Mesuren ergraff. Hisiichtlech dem Indicateur C1 *Les trajectoires scolaires* hu meng Servicer ënnert anerem eng Analys vun deene Fäll gemaach, an deenen d'Schüler am éischte Joer vum Cycle en Allongement kritt hunn. Et huet sech erausgestallt, datt zum Deel feelerhaft Saisien an d'Base de données agedroe gi sinn, wa Schüler temporaire, esou wéi am Artikel 22 vum Organisatiounsgesetz[1] virgesinn, eng aner Klass am Cycle frequentéiert hunn.

Ausserdeem gouf festgestallt, datt de Phenomeen vun engem Allongement nom éischte Joer vum Cycle marginal bleift an datt beispillsweis fir d'Schouljoer 2023/2024 nëmmen 33 esou Fäll konnten identifizéiert ginn. Opfälleg ass bei dëse Fäll, datt et sech dacks ëm Schüler handelt, déi entweder réischt méi spéit am lafende Schouljoer am 1. Joer vum Cycle ageschriwwe goufen (wéi et bei Schüler, déi nei am Land ukommen, dacks de Fall ass) oder datt et sech ëm Schüler handelt, déi op Grond vun enger méi laanger Krankheet vill an der Schoul gefeelt hunn. An esou Fäll ass et virkomm, datt déi pedagogesch Equipe zur Decisioun komm ass, datt ee Passage an dat zweet Joer vun engem Cycle gegeebenefalls net opportun ass. Déi zoustänneg Regionaldirektioune sinn doriwwer informéiert ginn, dass aner Solutioune fir dës Fäll fonnt musse ginn.

Doriwwer eraus ënnerhëlt mäi Ministère selbstverständlech weiderhin den néidegen Effort, fir d'Unzuel vun den Allongements de cycle ze verréngeren. Mäi Ministère, zesumme mam LUCET, weist doriwwer eraus zanter Joren dorop hin, datt déi gréissten Unzuel vun Allongementer am Cycle 2 ze verbuchen sinn. Een vun den Haaptgrënn dofir ass, datt dës Schüler Schwieregkeete bei der Alphabetiséierung op Däitsch opweisen. Dëst huet d'Regierung dozou beweegt, fir de Projet *ALPHA – zesumme wuessen* an d'Liewen ze ruffen. Dëse Projet erweist sech als besonnech villverspriechend, fir d'Unzuel vun den Allongementer ze reduzéieren.

De follgenden Tableau weist d'Allongementer pro Joer a pro Cycle an absolutten an a relativen Zuelen zur Gesamtpopulatioun aus dem jeeweilege Cycle. Et gouf hei fir eng méi allgemeng Duerstellung optéiert an op eng méi filigran Opschlësselung pro Schoul verzicht, well eng Partie Kanner net hir ganz Scolarisatioun an der nämmlechter Schoul verbrénge respektiv am Laf vun hirer Scolaritéit eréischt an de Lëtzebuerger Schoulsystem eraklammen.

[1] Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Tableau: Allongements de cycle pro Cycle a Joer an absolutten a relativen Zuelen:

| *Cycles* | *2023/2024* | | *2022/2023* | | *2021/2022* | | *2020/2021* | | *2019/2020* | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **C1** | 537 | 7,15 % | 496 | 7,13 % | 463 | 6,74 % | 403 | 6,17 % | 320 | 4,94 % |
| **C2** | 1.022 | 13,56 % | 1.020 | 13,84 % | 1.022 | 13,81 % | 1.066 | 15,01 % | 969 | 14,10 % |
| **C3** | 736 | 10,43 % | 676 | 10,06 % | 726 | 10,95 % | 725 | 11,31 % | 690 | 10,73 % |
| **C4** | 28 | 0,52 % | 20 | 0,38 % | 16 | 0,30 % | 29 | 0,56 % | 23 | 0,45 % |

**Ad 4)**

Déi honorabel Deputéiert froen nom Fortgang vun den Aarbechte ronderëm d'Reform vun den ënneschte Klasse vum Enseignement secondaire général (ESG).

D'Concertatioun mat den Acteure vum Terrain huet séier erginn, datt eng einfach Adaptatioun vun de Promotiounscritèren net duergeet, wuel wëssend, datt Redoublementer keng Léisung duerstellen. Meng Servicer sinn dofir amgaang, op enger ganzer Rei vun thematesche Punkten ze schaffen: Analys vun de Resultater, Analys vun de Parcourse vun de Schüler, Orientatioun an Tutorat, intern an extern Differenzéierung, Unterrechtsmaterialien, Cours de base a Cours avancés. Opgrond vun dësen Analyse wäerten da konkret Pisten ausgeschafft ginn.

**Ad 5)**

Den Tableau hei drënner weist, an absolutten Zuelen an a Prozenter, wéi vill Schüler pro Schouljoer a pro Klass aus der Voie d'orientation vum ESG „erofgestuuft" goufen; dëst heescht, datt si hire Parcours an der Voie de préparation oder op enger 5$^{e}$ d'adaptation poursuivéiert hunn, d. h. enger Klass, déi hire Capacitéite besser entsprécht.

| ***Schouljoer*** | ***Klass*** | ***Zuel vu Schüler*** | ***Prozent*** |
|---|---|---|---|
| 2019-2020 | 7$^{e}$ | 32 | 1,3 |
| 2019-2020 | 6$^{e}$ | 38 | 1,5 |
| 2019-2020 | 5$^{e}$ | 68 | 1,5 |
| | | | |
| 2020-2021 | 7$^{e}$ | 43 | 1,8 |
| 2020-2021 | 6$^{e}$ | 61 | 2,5 |
| 2020-2021 | 5$^{e}$ | 67 | 1,6 |
| | | | |
| 2021-2022 | 7$^{e}$ | 49 | 2,1 |
| 2021-2022 | 6$^{e}$ | 85 | 3,3 |
| 2021-2022 | 5$^{e}$ | 61 | 1,5 |
| | | | |
| 2022-2023 | 7$^{e}$ | 55 | 2,3 |
| 2022-2023 | 6$^{e}$ | 83 | 3,3 |
| 2022-2023 | 5$^{e}$ | 75 | 1,9 |
| | | | |

| | | | |
|---|---|---|---|
| 2023-2024 | 7e | 34 | 1,4 |
| 2023-2024 | 6e | 83 | 3,3 |
| 2023-2024 | 5e | 62 | 1,5 |

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH